1-2018-O-R-5446-01 (n°2980)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

**Depot: Fernand Kartheiser**
PL 7189

Lëtzebuerg, de 25 Juni 2019

1

# Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst, datt

- déi staatlech Kannerheemer an edukativ Zentren zënter hirer Grënnung eng immens wichteg Aarbecht leeschten an datt eng grouss Zuel vu Kanner a vu jonke Leit eng Zäit vun hirem Liewen an esou engem Heem verbruecht hunn;
- den Openthalt an engem Kannerheem oder engem sozio-edukativen Zenter oder de Kontakt mat enger vun dëse staatleche Strukturen dacks e bleiwenden a prägenden Afloss op d'Entwécklung vun deene betraffene Kanner a jonke Leit huet;

fuerdert d'Regierung op,

- eng quantitativ a qualitativ Etüd ze presentéieren, déi et soll erlaben, e Bilan ze zéien iwwert déi mëttel- a laangfristeg Effete vun de staatleche Kannerheemer a sozio-edukativen Zentren op déi betraffe Kanner a jonk Leit, déi do ënnerbruecht oder soss betreit goufen, inklusiv, esouwäit ewéi méiglech, op hir berufflech Entwécklung;
- bei dëser Etüd, esouwäit ewéi méiglech, och d'Meenungen an d'Erfarunge vun deenen direkt betraffene Persounen ze beréckssiichtegen;
- esouwäit ewéi méiglech all déi Strukturen eenzel ze ënnersichen, déi am Abléck ënnert d'Gesetz vum „Institut public d'aide à l'enfance et à la jeunesse" falen;
- opgrond vun dëser Etüd eventuell weider Verbesserungen oder Upassunge vun der Funktiounsweis vun dësen Institutiounen am Interessi vun de Kanner a vun de jonke Leit ze proposéieren.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706